

INSCRIVEZ-VOUS POUR LES ÉLECTIONS COMMUNALES!

Pour pouvoir voter l'octobre 2017 aux élections communales comme Non-Luxembourgeois, vous devez déjà vivre au moins 5 années au Luxembourg et vous devez vous inscrire au plus tard le 13e juillet 2017 à votre commune! C'est vous qui pouvez être les acteurs de votre commune en choisissant à qui vous déléguez la représentation de vos intérêts. Profitez s.v.p. de cette opportunité! Nous vous conseillons d'aller à votre commune le plus tôt possible pour que vous ne l'oubliez pas. Vous trouvez toutes les informations nécessaires concernant l'inscription sur la liste électorale sur jepeuxvoter.lu.

GËFF ELO PIRAT!

Du wëlls dech fir e méi progressivt a partizipativt Lëtzebuerg asetzen? Fir eng Politik déi vun de Bierger ausgeet an net vun e puer Beruffspolitiker?

Da géff haut nach Member bei der Piratepartei a setz dech mat eis zesummen dofir an, datt jiddereen gläich Chance kritt!

VIRNUMM

NONUMM

EMAIL

NR.

STROOSS

PLZ

UERTSCHAFT

LAND

DAG

MOUNT

GEBUERTSJOER

ECH WËLL KEEN NEWSLETTER
KRËIEN:

ECH WËLL INVITATIOUNEN
NËMME PER EMAIL KRËIEN:



www.piraten.lu



ahei@piratepartei.lu



facebook.com/Piratepartei



[@Piratepartei](https://twitter.com/Piratepartei)

Jiddwer Interesséierten ass
härzlech invitéiert un
eisen Treffen deelzehuelen.
**Bei eis ass jiddweree
wëllkomm!**
Weider Informatiounen zu
eisen Treffen fënns de op
eiser Websäit!

ZESUMMEN
LIEWEN
ZESUMMEN
DECIDÉIEREN!

SCHREIF DECH AN
FIR D'
GEMENGEWALEN!



WISOU SOLL ECH WIELE GOEN?



Bei de Gemengewalen wielen déi walberechtegt Bierger aus der Gemeng all 6 Joer hir Verrieder an de Gemengerot, wou dës iwwert d'Entwécklung vun der Gemeng an de kommende Joeren décidéieren.

Si sinn esou z.B verantwortlech fir d'Infrastrukturen an den Uertschaften ewéi Stroossen, d'Drénkwaasserversuergung, d'Grondschoolen oder och kulturell Gebaier ewéi Centre Culturelen, Musékschoulen etc. Och den Office social souwéi déi ënnerscheedlech Subsiden awer och d'Erhiewe vu verschidde Steieren faalen an den Aufgabebitt vun der Gemeng, déi de Gemengebudget speise sollen.

Dëst sinn alles Beräicher, déi dech an dengem Alldag betreffen. A mir all zesammen hunn d'Méiglechkeet, duerch eis Stëmm, d'Zukunft vun eise Gemengen aktiv matzestalten. Notz deng Stëmm an decidéier mat!

A WANN ECH KEE LËTZEBUERGER SINN?



Guer kee Problem! Oder opmannst "bal" keen! Als Net-Lëtzebuurger kann's de dech an d'Wielerverzeechnes vun denger Gemeng androë loossen! Dofir muss de nëmmen mat enger *Pièce d'identité* an engem Wunnnoweis op deng Gemeng goen. Hei sinn d'Konditiounen:

- Als Staatsbierger vun engem EU-Memberstaat oder engem Drëttstaat e valabele Pass oder eng aner Identitéitsbescheinigung hunn,
- um Dag vun der Androung an d'Wielerverzeechnis nowiese kënnen, datts de zënter min. 5 Joer zu Lëtzebuerg geliewt hues,
- um Dag vun de Gemengewale mindestens 18 Joer hunn!

WICHTIG DATUMER:

- **13. Juli 2017**
Leschten Délais fir sech an d'Wielerverzeechnis an denger Gemeng anzedroen
- **8. Oktober 2017**
Gemengewalen

Opgepasst! Wanns de dech och an d'Wielerverzeechnis fir d'Walen vum Europa-Parlament wëlls androen, dann muss de dat separat ufroen!

Informéier dech elo op:



jepeuxvoter.lu

PIRATEG IDDIEN FIR DENG GEMENG!

ZESUMME WUESSEN!



Mir begräifen d'Gemeng als eng Gemeinschaft, an där d'Diversitéit gefördert soll ginn a wou awer jiddwereen d'Méiglechkeet op Participatioun um Gemengeliewe soll hunn. D'Sprooch ass den elementarsten Integrationsfaktor. Ouni d'Lëtzebuergesch Sprooch ass et schwéier, sech um politeschen Diskurs ze bedeelegen. Mir setzen ons dofir fir e gratis Accès zu Lëtzebuergesch-Kueren an.

BIERGER*INNEN INFORMÉIEREN...



D'Gemengenadministratiounen mussen méi transparent ginn. Mir wëllen an eise Gemengen méi Informatiounsversammlungen an méi e konsequente Gebrauch vun Tools ewéi der Gemenge-Websäit, Newsletter a Livestreams vu Gemengerotsséizungen etc.

...A PARTICIPÉIERE LOOSSEN!



Vill ze dack erliewe mer, datt mer e Gemengerot wielen an dësen da fir déi nächst 6 Joer d'Geschäfte vun der Gemeng just verwalt, ouni tëschenuewerch de Bols vun de Bierger ze fillen. Mir wëllen reegelméisseg Biergertreffen, fir datt och tëscht de Walen méi konsequent op d'Besoien vun de Bierger kann agaange ginn. Donierft wëlle mer e fräit Untragsrecht bei de Gemengerotsséizungen fir all Bierger. Beim Gemengebudget soll 10% vum järeliche Budget fir Projeten reservéiert sinn, déi vun de Bierger selwer bestëmmt kënnen ginn.

DU DEELS EIS IDDIEN? DAGËFFAKTIV!

Wëlls de dës a weider Iddien aus eisem Walprogramm och an denger Gemeng ëngesat gesinn? Dann ënnerstëtzt eis! Mir präparéieren eis grad op d'Gemengewalen a freeën eis als Matmaachpartei iwwer all Hëllef! Schreif eis: ahoi@piratepartei.lu



FR
Vous trouvez une traduction de ce dépliant sur notre site:
<http://1337.lu/Flyer2017FR>